

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen (par M. Yves Cruchten), M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Djuna Bernard), Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

## 5. 7753 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création de deux établissements publics dénommés

1) Centres, foyers et services pour personnes âgées ;

2) Centres de gériatrie

Den nächste Punkt um Ordre du jour vun de Mëtten ass de Projet de loi 7753, eng Ofännerung vum Objet vun de Missiounen a vun der Gouvernance vu Servior. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An den honorabelen Deputierte Max Hahn ass prett fir de Rapport. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration

**M. Max Hahn** (DP), rapporteur | Merci, Här President. Beim Gesetzestext 7753 geet et ëm eng Partie Ännerungen, wat d'Missiounen an de Fonctionnement vu Servior betrëfft.

De Fleege- a Gesondheessektor kennt zanter Joren eng ganz dynamesch Entwécklung. D'Populatioun klëmmt, d'Leit gi méi al an d'Besoinen huelen domat zou. Servior ass hautdesdaags ee vun deenen 20 gréissten Employeuren am Land a geréiert 15 Wunnstrukture fir Seniore mat insgesamt iwwer 1.800 Better. Hei dernieft organiséiert Servior och de Service „Repas sur roues“ fir een Drëttel vun de Lëtzebuerger Gemengen.

Mëttlerweil ginn d'Missiounen vu Servior allerdéngs wäit iwwert d'Aufgaben eraus, déi am initiale Gesetz vun 1998 fixéiert goufen. Nieft der Offer u Wunnunitéiten a Fleegeeservicer fir eeler Leit huet Servior iwwert d'Joren nümlech eng ganz Partie logistesche, technesch an administrativ Aufgaben derbäikritt. Fir dës nei Tâchen esou effizient wéi méiglech ze léisen, schafft Servior punktuell mat externe Partner wéi den Hospices civils vun der Stad Lëtzebuerg an dem Centre Hospitalier Emile Mayrisch zesummen. Sait 2013 kollaboréiert Servior mat den Hospices civils, wat de Volet IT betrëfft, a mam CHEM, wat d'Produktion, d'Verpackung an d'Ausliwwere vun den dräi Haaptmoolzechte fir déi 70 Unitéite vun der Gériatrie am Diddelenger Spidol betrëfft.

Fir den ëmmer méi heterogeene Besoine vu senger Clientèle gerecht ze ginn, wëllt Servior engersäits seng bestoend Zesummenaarbecht mam CHEM weider ausbauen an anerersäits nei Partnerschaften mat Acteuren aus dem Gesondheits- a Fleegeesektor erschléissen.

Aktuell besteet an deem Beräich e grouss Potenzial, fir Synergien ze schafen, duerch déi déi verschidden Acteuren net just Käschte kéinte spueren, mee och d'Qualitéit vun hiren Servicer verbessere kéinten. De virleierende Gesetzestext huet als Zil, d'Missiounen vu Servior ze kompletéieren a schafft eng legal Basis fir Aktivitéiten, déi haut zwar scho reegelméisseg a

sengen Haiser praktizéiert ginn, mee déi bis ewell nach net an d'Gesetz vun 1998 ageschriwwen goufen.

Servior kritt deemno d'Erlabnis, fir technesch, logistesche an administrativ Servicer ze offéieren, déi entweder an direkter Relatioun mat sengen anere Missiounen stinn oder déi d'Realisatioun vun dësen Missiounen vereinfachen.

Wéi virdru schonn erwänt, kacht a liwwert Servior haut schonn d'Lesse fir verschidde Patientinnen vum CHEM, dat, well Servior sech an de leschte Joren eng grouss Expertise an dem Beräich vun der Ernährung fir eeler Leit opgebaut huet a well Servior genee iwwert déi spezifesch Besoine vun dëser Zilgrupp Bescheid weess. D'Kach vu Servior sinn zum Beispill gewinnt, fir eeler Leit ze kachen, déi Problemer mam Knaen oder Schwiereregkeete mat der Verdauung hunn. Dofir mécht et Sënn, dass Servior och d'Lesse fir d'Geriatriepatientinnen vum CHEM produzéiert. An Zukunft sollen eventuell nach weider Kollaboratiounen am Beräich vun der Restauratioun erméiglecht ginn.

An engem zweete Punkt gesäit de virleierende Gesetzestext vir, dass Servior – zesumme mat anere Partner – Participatiounen a Sociéite kann huelen, déi entweder ënnert d'ASFT-Gesetz oder ënnert d'Gesetz vum 8. Mäerz iwwert d'Établissements hospitaliers fallen.

An der éischter Versioun vun dësem Text stoung ausserdeem dran, dass Servior an Zukunft eege Filiale kéint grënnen. Dëse Punkt huet bei de Leit um Terrain allerdéngs fir gréisser Opregung gesuergt. D'Chambre des Salariés hat an hirem Avis d'Angscht geäussert, dass dës Approche zu enger Privatiséierung vu verschiddenen Aufgaben vu Servior kéint féieren. Si huet sech kloer géint d'Kreatioun vu Filialen an de Modell vum Outsourcing positionéiert, well een domadder risquéiert, dass verschidde Salariéer an Zukunft net méi ënnert de Kollektivvertrag vum Alters- a Fleegeesektor falen.

An enger Sëtzung vun der Familljekommissioun huet d'Madamm Ministesch Corinne Cahen allerdéngs prezisiéiert, dass et ni d'Absicht war, fir d'Aktivitéit vu Servior ze privatiséieren, a scho guer net, fir déi sozial Rechter vum Kollektivvertrag ze ëmgoen. Fir sämtlech Zweifel aus dem Wee ze schafen, hu mer den Artikel 2 Paragraph 2 vum Projet de loi dunn amendéiert an d'Méiglechkeet vun der Kreatioun vu Filialen aus dem Text gestrich.

Wat d'Prise de participations vu Servior betrëfft, hu mer dräi Garde-fouen an den initialen Text derbäigesat fir sécherzegen, dass d'Salariéer hir Kollektivrecht net verléieren. An der Familljekommissioun gouf nümlech d'Fro opgeworf, ob Servior och Participatiounen a Betriber kéint huelen, an deenen d'Salariéer net ënnert den SAS-Kollektivvertrag (ndlr: SAS – Secteur d'aide et de soins et secteur social) fallen.

De Ministère huet eis dunn erkläert, dass dräi Limiten an de Gesetzestext matagebaut goufen, fir genee dës Méiglechkeet ze verhéieren. An engem éischten Punkt prezisiéiert den Text, dass Servior just zesumme mat engem anere Partner aus dem Sektour hospitalier oder dem ASFT-Beräich Participatiounen an enger Sociéité kann huelen. Servior kann also net eleng handeln. Zweetens muss d'Participatioun ëmmer en direkte Lien mam Objet vu Servior hunn. An drëttens muss sämtlech Participatiounen, déi vum Conseil d'administration vu Servior decidéiert ginn, am Virfeld vun der Familljeministesch approvüiert ginn, esou wéi et am Artikel 3 vun dësem Gesetzestext virgesinn ass.

Nieft der Entwécklung vu senger Missiounen huet sech och déi intern Struktur vu Servior iwwert d'Jore

verännert. Wéi virdru schonn erwänt, ass Servior haut ee vun deenen 20 gréissten Employeuren vum Land. Am initiale Gesetz vun 1998 ware just zwee Direkteschposten virgesinn, dee vum Direkter an dee vum Chargé de direction. Mëttlerweil ass Servior allerdéngs vill méi grouss ginn, sou dass zwou Persounen eleng net méi d'erginn, fir d'Direktiounsaarbecht ze geréieren. Effektiv gëtt Servior haut vu véier Direkteren geleet: vun engem Directeur général, engem Directeur opérationnel, engem Directeur des ressources humaines et services clients an engem Directeur infrastructure et finances. Dëse Gesetzesprojet schafft also elo eng legal Basis fir dës Direkteschposten.

Wat d'Avis vum Staatsrot an deene verschiddene Beruffskommere betrëfft, verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport. An ech ginn heimat den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei an ech soen Tech, léif Kolleeginnen a Kolleegen, villmools Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här Rapporteur Max Hahn.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

**M. Marc Spautz** (CSV) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, merci dem Max Hahn fir säi Rapport iwwert dat, wat elo bei Servior soll geschéien. Ech wëll direkt virewechhuelen, bei all deenen Émwardlungen, wat d'Direktioun ubelaangt, dass mer domadder iwwerhaupt kee Problem hunn an dass dat och zäitgeméis ass, fir déi Adaptatiounen ze maachen, nodeems d'Gesetz schonn iwwer 20 Joer do ass, a fir dann och elo déi noutwendeg Upassungen ze maachen, fir dass dat och e legale Kader huet.

Bei engem anere Punkt hu mer awer e bësse méi Problemer. An d'Kolleeginnen an d'Kolleegen aus der Familljekommissioun wëssen dat, mir hunn dat och ëmmer erëm ënnerstrach, de Max Hahn ass och schonn drop agaan. Dat ass de Problem mam Kollektivvertrag, deen d'application ass. Et ass eng muerklech Verbesserung vun dem éischten Projet, deen do war, op deen zweeten Projet, deen elo virläit. De Punkt, deen awer fir eis nach ëmmer bleift, ass dee vum Risiko, wat mat deene Fierme geschitt, déi iwwerholl ginn oder wou Servior eng Participatioun mécht.

Deen ee Volet, dee gëtt hei ofgedeckt domat, dass et heescht, et muss och ee si mat enger Konventioun, déi vum Familljeministère ausgeschwat gëtt. Dann heescht et awer gläichzäiteg, an dat ass am neien Artikel 3 Punkt 12), dass d'Approbatioun muss virleie fir all Participatioun vun de Sociéiteiten. Do hätt een och kënnen derbäischreien, dass gläichzäiteg ëmmer muss dee beschte Kollektivvertrag gëllen, well reng theoreetesch kann een och eng Participatioun huelen an enger Firma, déi och schonn e Kollektivvertrag huet. An et sinn och Fiermaen, déi elo scho plazeweis a verschiddenen Alters- a Fleegeheimer oder och an anere Strukturen Aarbechten ausüben, déi net ëmmer onbedéngt ënnert den ASFT-Kollektivvertrag falen. An dann ass d'Diskussioun: Et sinn zwee Kollektivverträge do! An dat ass déi Angscht an déi Gefor, déi mer gesinn: dass et domadder méiglech ass, en Nivellement vers le bas ze maachen. An dat ass dee Problem, dee mer bei där ganzer Dispositioun hunn.

An den Här Hahn ka sech erënneren, de leschte Méindeg, wéi mer d'Ofstëmmung iwwert de Rapport gemaach hunn, hat ech schonn eng Kéier soulignéiert, dass dat de Problem ass, dee mir gesinn, dass et méiglech ass, dass herno Leit fir manner gutt Konditiounen do schaffen an dass mer méi wéi eng oder

zwou Applikatioune vun engem Kollektivvertrag an deem Secteur hunn.

Mir hunn de Moment zwee Kollektivverträge, dat ass dee vun dem SAS respektiv dee vun der Entente des hôpitaux. Mee do wier et reng theoreetesch och nach méiglech, dass Servior bei enger Sociéité, mat der Autorisatioun vun der Ministesch, och eng Participatioun hält an engem Betrib, dee schonn e Kollektivvertrag huet, an da sti mer virun dem Problem mat der Konventioun.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Spautz. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Simone Asselborn-Bintz. Madamm Asselborn-Bintz, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP)** | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wéi mer scho virun héieren hu vun eise Rapporten, deem ech och op dëser Plaz direkt Merci soen, ass d'Zil vum Projet de loi, fir d'Gesetz vum 23. Dezember 1998 ofzeänneren an den Objet an d'Missioun vu Servior un d'Realitéit vun haut unzepassen. Et geet drëms, e gesetzleche Kader ze setze fir Partnerschaften, fir eng Partie Aktivitéiten oder och fir d'Zesummenaarbecht mat aneren Acteuren a Servior, zum Beispill eeben am administrativen, techneschen a logisteschen Beräich oder och an der Restauratioun.

De Projet de loi ass, wéi den Här Spautz gesot huet, an ech mengen, de Rapport selwer och, ugangs ganz vill kritiséiert an och diskutéiert ginn. A wéi esou dacks, huet dës kritesche Bléck vu bause gehollef, de Projet de loi op eventuell Failen ofzeklappen an ze adaptéieren an dann och ze verbessern.

Virun allem op Gewerkschaftssäit, an dat fënnt een och an den Avisa vun der Chambres des Salariés an der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics erëm, gouf den initialen Text vum Projet de loi ganz schärf kritiséiert. Si hunn drop higewisen, dass do eventuell eng Dier kéint opgemaach gi fir en Outsourcing vun enger Rei vun Aktivitéiten, an dat hätt och als Konsequenz, dass d'Salariéen, déi dës Aktivitéiten assuréieren, géife riskéieren, net méi ënnert d'Kollektivvertrag ze falen, an dass eeben esou sozial Rechter géifen ofgebaut ginn.

Och de Staatsrot huet dat ënnerstrach, dass et zwar aner Etablissement-publicke gëtt, déi Kollaboratiounen a Partenariater agoen a sougenannt „sociétés filiales“ grënne kënnen. Allerdéngs seet de Staatsrot jo awer och, dass et sech do ëm reng kommerziell Etablissements publics handelt. An de Staatsrot betount eeben, dass et sech hei bei Servior ëm e sensibelen Beräich dréit, wou et ëm d'Gesondheet an de Bien-être vun den eelere Leit geet.

Eng Vue, déi mir als LSAP och zu 100 % deelen. Dofir si mer frou, dass mer als Chamberskommissioun eng Partie Ännerunge virgeholl hunn, och opgrond vun den Iwwerleeunge vum Staatsrot. Den Text gesäit dann elo vir, dass Servior nëmme ka mat Sociéitéen zesummeschaffen a sech och nëmme kann u Sociéitéen bedeelegen, déi en Agreement hunn, entweeder opgrond vun dem ASFT-Gesetz oder dem Spidols-gesetz.

Als LSAP ass et eis wichteg, dass de Beräich vun der Gesondheet an der Fleeg sech an engem kloren gesetzlechen Kader beweegen kann, mat Salariéen, déi geschützt sinn, déi ënner adequate Konditiounen schaffen kënnen. Et geet drëms, fir d'Qualitéit ze sécheren an derfir ze suergen, dass d'Wuel vun de Mënschen un eischter Plaz steet.

Mir droen dës Projet de loi esou mat, wéi e geännert ginn ass, an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschten. Bis herno.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci Madamm Asselborn-Bintz. An da wier et um honorabelen Här Charles Margue.

**M. Charles Margue (déi gréng)** | Merci dem Max Hahn fir dee gudden Rapport, deen och Diskussiounen ervirgeruff huet. Ech sinn absolutt frou, dass esou e Projet haut gestëmmt gëtt, dass Servior endlech d'Méiglechkeet huet vun Zesummenaarbecht, déi, aner Leit géife soen, vu gesondem Mënscheverstand ass. Mat engem Noper kënnen ze soen: „Mir kachen zesummen“, oder: „Mir entwéckelen eng Software zesummen“, oder: „Mir schaffen en bon voisin zesummen“, dass dat méiglech ass.

Aner sozial Arichtungen am Land, déi net de Statut hu wéi Servior, déi kënnen dat scho laang maachen a maachen dat och: Wie kacht deem aneren net en Deel vu Repas sur roues mat? Oder dass d'Kiche vu Maison-relais eebe fir den Alterssecteur gebraucht ginn? Déi Méiglechkeet huet Servior elo och, mam CHEM zesummen, mat den Hospicé vun der Stad zesummen. Ech si frou, dass mer dat haut endlech op d'Bee kréien. An ech gi ganz gären den Accord vun der grénger Fraktioun zu deem Projet.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Margue. An de Mikro ass elo fräi fir den Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fred Keup (ADR)** | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, hei ginn effektiv eng Partie Saache geännert, an dat zu engem gudden Deel zum Gudden, och wann awer eng Partie Risiko bleiwe bei där heiter Saach. An et ass eeben och un eis ze kucken, wéi dat sech an Zukunft wäert entwéckelen.

Et ass op jidde Fall net am Interêt vum ganze Secteur an och net vun de Leit, déi betreit ginn, vun deenen eelere Leit, wann duerno d'Konditiounen, déi déi Leit hunn, déi do schaffen, sollten erofgoen.

Ech wollt awer op zwou Saachen agoen, déi och hei genannt gi si vun der Staatsbeamtekummer am schrëftlechen Rapport, awer elo hei net an der Chamber. An et schéngt mer awer wichteg, fir dat ze soen. Dat sinn zwou Saachen:

Déi éischt ass am Fong déi, dass bei de Chargés de direction eng Partie vu Konditiounen, déi normalerweis wichteg sinn a gefrot sinn, hei net gefrot ginn, dorënner zum Beispill d'Sproochekonditiounen.

Déi zweet Saach, déi d'CGFP och kritiséiert – dat si si, déi dat soen –, dat ass, dass et wichteg ass, drun ze erënneren, an dat maachen ech och ganz gären hei, dass et en Accord ginn ass vum 21. Mäerz 2002, deen deemools geschloss ginn ass zwëschen der Regierung an der CGFP, dee virgesäit, dass Leit, déi vun engem Etablissement public agestellt ginn, dann och ënnert de Regime vum Statut public falen. An dann ass dat am Fong eppes, wat ee soll respektéieren. Dat ass juristesche kloer. Dat ass prezis an dat misst am Fong esou ugewannt ginn – gëtt et awer net.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Keup. An da wier et un der Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)** | Jo, merci, Här President. Dem Rapporten e grouse Merci fir säin exzellente mëndlechen a schrëftlechen Rapport. Hoffentlech kommen duerch dës Projet de loi net eng Rei Verschlechterungen am Beräich vun dem Hebergement an dem Encadrement vun deenen eelere Mënschen, andeems d'Aarbeitsbedingungen an deem Secteur eventuell kéinte verschlechtert ginn.

Jiddereen, deen Elteren oder Grousselteren an engem Heem huet, an ech ginn dervunner aus, dass

vill Leit heibannen an där Situatioun sinn, misst wësen, dass sech d'Situatioun ëmmer méi verschlechtert huet. D'Präisser fir den Hebergement klammen an ëmmer manner Leeschtungen sinn am Basispräis mat dran, esoudass sech hannernt dem Basistariff fir en Hebergement nach e ganze Kazeschwanz vu Käschte verstoppt, entre autres fir esou elementar wichteg Servicer wéi d'Wäsche vu Gezei a Bettgedecks.

D'Konsequenz ass, dass eeler Leit mat enger klenger Pai, oft natierlech Fraen, déi eng Witwerent bezéien, sech dat alles net méi leeschte kënnen a gezwonge sinn, d'Kanner froen ze goe respektiv beim FNS den Accueil gérontologique ufroen ze goen, deen d'Kanner am Reegelfall dann och zréckbezuele mussen.

A weënege Beräicher weist sech esou däitlech, dass d'sozial Ongerechtegkeete sech duerch dat ganz Liewe bis an den Doud zéien a vu Generatioun zu Generatioun weidervererwen.

Dat muss net esou sinn, dat ass e politesche Choix. Altersheimer missten net käschtedeckend fonctionéieren oder souguer zu engem kommerziellen Zweck genotzt ginn, esou wéi dat verstärkt de Fall ass. D'Gesetz, wat hei virläit, an och de Projet de loi 7524 ginn awer verstärkt an dës Richtung. Mat deem Gesetz soll Servior nämlech d'Méiglechkeet kréien, fir Aktivitéiten kënnen auszesourcen. Awer et dierfe keng Filialen opgebaut ginn, wat jo eng Verbesserung an e Garde-fou ass.

Am Gesetz gëtt hei vu komplementären Aktivitéiten geschwat, grad wéi wann Hygiène, Iessen oder Transport an engem Altersheim net awer elementar wieren, esou wéi se fir all Mënsch elementar sinn! Eleng dat ass schonn eng onméiglech Konzeptioun.

Ënnert dem Stréch bedeit dës Gesetzesännerung awer, dass Servior dës elementar Servicer auslagere kann u potenziell kommerziell Entrepreneuren, an deene Servior da Participatiounen hält, fir Käschte kënnen ze spueren, wéi den honorabelen Här Hahn hei gesot huet. Dat kéint dann awer fréier oder spéider bedeuten, dass en Deel vun de Salariéen, déi all Dag fir d'Betreiung vun de Bewunner/innen an engem Haus schaffen, net méi nom am Secteur gültege Kollektivvertrag behandelt géif ginn. Dat war jo och d'Suerg vun der CSL. Dat géif nämlech da manner gutt Aarbeitsbedingungen. Do sinn duerch Amendementer Verbesserungen komm.

Ech erënneren och drun, dass déi betraffe Salariéen d'Helden aus der Pandemie sinn. Deemools hu mir alleguer an och d'Regierungsmemberen hinne vill geklappt an hinnen e grouse Merci gesot.

Donieft gesäit d'Gesetz vir, dass Servior sech vun de Revenue finanziert, déi d'Entrepreneuren, an deene Servior eng Participatioun huet, generéieren. Domadder kënnt awer eng kommerziell Komponent bei Servior mat eran, déi an eisen Ae konträr ass zu engem öffentliche Service fir d'Betreiung vun eelere Mënschen, zumindest esou, wéi mir eis se virstellen.

Also d'Reform vum Accueil gérontologique, déi ass als solch schonn iwwerfällg, mee gëtt awer entre autres och domadder begrënnt, dass ëmmer méi Leeschtungen net zum Basistariff gehéieren, déi da separat musse verrechent ginn a leider vun externe Prestatairenn dann och geleescht ginn. Fir dass esou Aktivitéiten dann och weider bezuelt gi vun de Leit am Heem an och lukrativ sinn, muss hannerndrun natierlech och derfir gesuergt ginn, dass den FNS dat och bezilt, mee natierlech no dem sozial ongerechte Scheema, wéi ech en am Ufank kuerz skizzéiert hunn.



déi Lénk warne virun der Liberaliséierung vum Care-Secteur. An Zukunft wäert dës Gesellschaftsberäich ëmmer méi wichteg ginn. Mir brauchen eng héichwäerteg a fir jiddwereen accessibel Prise en charge vun den alen a kranke Mënschen, mat gudden Aarbechtsbedingungen. Déi sinn ëmsou méi wichteg fir jonk Leit, déi sech fir dës Beruff begeeschtere sollen, a fir d'Penurie beim Personal an dësem Beräich endlech bekämpfen ze kënnen. Well am Moment stinn a verschiddenen Heemer Zëmmeren eidel, well se leider net genuch Personal méi hunn, fir kënnen weider Leit opzehuelen.

*(Brouhaha)*

Dat gehéiert elo net zu deem heite Gesetzesprojet, mee ass awer wierklech, Madamm Ministesch, eng Saach, déi mer missten ugoen, aktiv ugoen, ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Hei, wannechgelift, e bësse méi roueg. Dat gëllt elo fir déi lénks Säit hei.

*(Brouhaha)*

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | ... fir vläicht de Beruff erëm méi an de Fokus ze réckelen, datt e méi attraktiv ass, datt mer endlech erëm méi Leit kréien, déi an dee Beräich ginn. Ech weess, Dir kënnt keng Wonner bewierken, mee et ass awer derwäert.

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Merci dem Max Hahn fir dee gudden schrëftlechen a mëndleche Rapport. Also, ech hätt elo nach villes kënnen verzielen iwwert d'Seniorien. Mee haut geet et ëm den Text, dass mer dem Servior nei Méiglechkeete ginn, fir dass se kënnen hir Aarbecht esou gestalten, wéi eeben d'Erausfuhrerunge vun haut sinn. An do wäerte mir och den Accord ginn.

Ech sinn awer gäre bereet, eng Kéier méi laang wéi fénnef Minutten iwwert d'Seniorien ze schwätzen, well dat ass och net wierklech de Respekt, deen déi Leit awer bräichten an hirem Alldag, a fir eng Kéier déi Diskussioun seriö politesch ze féieren.

Merci.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen. D'Regierung huet d'Wuert. Nee, den Här Hahn freet nach eng Kéier d'Wuert.

**M. Max Hahn** (DP), rapporteur | Jo, vläicht virun der Ministesch, wa si erlaabt. Ech hat virdru probéiert, et ze soen, well et war eng Diskussioun an der Chamberskommissioun de Méindeg: Mir mussen awer wëssen, vu wat mer hei schwätzen! Dat ass mer nämlech ganz, ganz wichteg. Hei gouf et um Ufank, wéi dee Projet deposéiert gouf, eng Angscht, dass et zu engem Outsourcing kéint kommen. Dunn ass den Text amendéiert ginn. Dat war och ganz gutt esou. Ech mengen, mir hate ganz flott Diskussiounen an der Chamberskommissioun.

De Méindeg gouf an der Chamberskommissioun dunn nach eng Kéier, wéi mer de Rapport gestëmmt hunn, awer d'Fro opgeworf: „A, ass dann net awer vläicht nach e Risiko?“ Ech wëll Iech just soen, dass mer do eppes erkläert kruten, wat ech och probéiert hunn, a mengem Rapport hei virzedroen, dat ass, dass dräi Garde-fouen hei agebaut sinn. An ech géif se vläicht awer nach eng Kéier rappeléieren, well dat ganz wichteg ass:

Éischtens, Servior kann net eleng handeln. Servior ka just zesumme mat engem anere Partner aus dem

Secteur hospitalier oder dem ASFT-Beräich Participatiounen an enger Societéit huelen. Ganz wichteg! Zweete Punkt ass, dass d'Participatioun ëmmer en direkte Lien mam Objet vu Servior muss hunn. An deen drëtten, dat ass deen – an d'Ministesch hätt et vläicht gär selwer gesot, mee ech si Rapporteur vum Gesetz, duerfir probéieren ech awer och nach eng Kéier, dat am Virfeld ze soen –: Sämtlech Participatiounen, déi da vum Verwaltungsrot vu Servior decidéiert ginn, déi mussen am Virfeld vun der Familljeministesch approuvéiert ginn. An ech brauch Iech do kee Bild ze molen, wat géif passéieren, wann dee Fall wier: Dann hätt Der dräi Piquete virum Familljeministère, sou dass dat doten auszeschleissen ass.

Ech mengen, dat war eppes, wat eis ganz wichteg war, soudass ech op alle Fall nach eng Kéier wëll soen, dass een dat heite rengen Gewëssens ka stëmmen. An ech mengen, mir hätten hei e ganz gutt Gesetz, wat eigentlech net vill aneres mécht, wéi de gesetzleche Kader fir eppes ze schafen, wat am Moment scho gemaach gëtt.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Rapporteur fir déi Prezisiounen.

An elo ass et awer un der Regierung, un der Madamm Familljeministesch Corinne Cahen.

#### *Prise de position du Gouvernement*

**Mme Corinne Cahen**, Ministre de la Famille et de l'Intégration | Jo, villmools merci. Ech mengen, de Rapporteur huet en exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport gemaach. An en huet och elo nach eng Kéier erkläert, dass et wierklech net an eiser Iddi oder am Interêt vun iergendengem war, fir iergend-eppes ze privatiséieren. A wéi du gesot ginn ass an der Chamberskommissioun: „Mir mussen do nach Garde-fouen abauen a mir mussen dat nach wierklech e bëssen detailléieren“, dunn hu mer dat gemaach. An ech géif och gären all de Memberen aus der Familljekommissioun villmools Merci soen, well mer wierklech ganz konstruktiv do geschafft hunn um Text, fir och ze kucken, fir effektiv déi Garde-fouen anzebauen.

Et ass iwwerhaupt net am Objet vu Servior, dass se iergendeppes privatiséiere wëllen! An et ass och net an hirem Interêt an och net an hirem Wëllen, fir de Kollektivvertrag net méi ze applizéieren. Ganz au contraire. Ech mengen, Dir hutt et gesot: Et ass scho schwéier, Personal ze fannen am Moment.

Ech kann allerdéngs net stoe loossen, dass d'Leeschtinge sech verschlechtert hunn. Dat stëmmt definitiv net! Ech hunn och selwer Familljememberen an Alters- a Fleegeheemer. Dat heescht, dat kann ech esou net hei stoe loossen. Do gëtt eng exzellente Aarbecht gemaach. An ech mengen, mir kënnen ganz frou si fir déi Aarbecht, déi do geleescht gëtt.

*(Brouhaha)*

Nach eng Kéier: Wéi gesot, et war iwwerhaupt net den Objet, fir iergendeppes ze privatiséieren. Den Objet ass, fir einfach dat, wat et scho gëtt, an engem Gesetz och ze verankeren – Här Di Bartolomeo – an ...

*(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)*

Et ass e bësse komplizéiert, wann hei direkt nienendru geschwat gëtt.

*(Interruptions et hilarité)*

**Une voix** | Den Educationminister gëtt ...

**Mme Corinne Cahen**, Ministre de la Famille et de l'Intégration | Ech fueren da just eng Kéier kuerz weider.

D'Zil ass et, esou wéi de Rapporteur et och richtig gesot huet, dass ee Synergie ka maachen do, wou se Sënn maachen. An ech géif nach eng Kéier gären op dat Beispill agoen, well dat awer eppes ass, wat immens wichteg ass: Wann Der Servior hutt, déi vis-à-vis vum CHEM zu Esch sinn, an am CHEM, do gëtt gekacht an der Geriatrie, an do kann net jiddwereen déi nämmeleche Konsistenz iessen, a Servior huet den Knowhow a weess, wéi et ass, fir verschidde Konsistenzen ze kachen – jo, firwat sollt een et dann zweemol maachen oder firwat sollten d'Leit net esou z'iesse kréien, wéi se dat am Fong geholl brauchen, wa vis-à-vis en Noper ass, deen et dann direkt ka maachen?

Dorëms geet et. An et goung natierlech och e bëssen ëm den Toilettage de texte, well, wéi den Här Spautz gesot huet, dat Gesetz elo 20 Joer al ass an do verschidde Saachen och hu mussen der Realitéit elo ugepasst ginn. Dofir soen ech Iech elo scho villmools Merci och fir Är Zoustëmmung.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Familljeministesch. Parole après ministre fir den Här Georges Mischo.

**M. Georges Mischo** (CSV) | Jo, et ass just eng kleng Prezisioun: Den Här Halsdorf, den Här Biancalana an ech selwer, mir sinn am CA vum CHEM an dofir wäerte mer net um Vott deelhuele.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Mischo. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Da komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7753. Den Text steet am Document parlementaire 7753<sup>11</sup>.

#### *Vote sur l'ensemble du projet de loi 7753 et dispense du second vote constitutionnel*

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 7753 ass mat 32 Jo-Stëmme géint 22 Abstentiounen ugeholl.

*Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. André Bauler), Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Claude Lamberty) ;*

*Mmes Simone Asselborn-Bintz, Tess Burton (par M. Yves Cruchten), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen (par Mme Simone Asselborn-Bintz), M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Djuna Bernard), Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Octavie Modert), Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Mmes Elisabeth Margue, Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz et Claude Wiseler ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Et ass also esou decidéiert.